



N° 6873  
Entrée le 21.09.2022  
Déclarée recevable  
Président de la Chambre des Députés  
(s.) Fernand Etgen  
Luxembourg, le 21.09.2022

Fernand ETGEN  
President vun der  
Chamber vun den Deputéierten  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21/09/2022

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.**

Den 22te November 2021 hat ech eng dréngend parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheitsminister gestallt (n°5271), fir gewuer ze ginn, wéi vill Covid-19 Impfstoff, deen no um Oflafdatum ass, zu Lëtzebuerg nach am Stock ass. Trauregerweis hunn dunn iwwer 13.000 Dosen Enn November missten zerstéiert ginn. Weider Dosen sinn nokomm. Aus der Äntwert op d'Fro Nummer 5704 kann een erausliesen, dass vill weider Vaccinen méttlerweil hieren Oflaafdatum erreescht kéinnt hunn.

An deem Zesammenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Kann d'Ministesch eis d'Oflafdatumer grad ewéi déi verbleiwend Unzuel u Flaconen vun all deene verschiddenen Impfstoffer ginn, déi Lëtzebuerg am Moment op Stock huet?
2. Wéi vill Vaccinen huet d'Regierung bis elo missten zerstéieren? Kann d'Regierung oplëschten ëm wéi vill Flaconen vu wéi engen Hiersteller et sech heibäi handelt?
3. Wéi héisch war de Käschtepunkt vun deenen zerstéierten Flaconen?
4. Huet d'Ministesch Informatiounen iwwert déi EU wäit Zerstéierung vun Covid-19 Vaccinen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Député



[www.piraten.lu](http://www.piraten.lu)